



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8094 vum 20. Juni 2023 vun der éierewärter Deputéiert Madamm Martine Hansen iwwert "Échange de terrains étatiques avec la Fondation "Hëllef fir d'Natur""

1. Ginn d'Bäihëllef de Staat fir den Opkaf duerch natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur ausgeschott huet fir déi Flächen déi concernéiert wieren an zum Tosch sténgen nees un de Staat zeréck?

Nee.

2. Ginn d'Flächen 1:1 am Wäert vun de Parzellen ausgetosch? Sinn sou Toschaktiounen mat natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur schonns an der Vergaangenheet gemaach ginn? Wat war d'Envergure, d'Konditiounen a d'Modalitéite fir änlech gelagert Toschaktiounen vun där Gréisstenuerdnung?

Jo, d'Fläche ginn 1:1 am Wäert vun de Parzellen ausgetosch. Dëst war déi éischt Tauschaktioun mat natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur.

3. Wien war Demendeur fir dëser Operatioun?

Natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur hat dësen Tosch ugefrot.

4. Hunn schonn aner Fondatiounen, Asbl'en oder gemengnotzlech Organisatiounen vun sou Toschaktiounen profitéiert? Wann jo, wéi eng?

Nee.

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung